ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

n° 3419

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 12:11, 12/01/2021

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den Ament ass Wanter an et ass fréi däischter owes a wéinst dem Covid-Virus sinn net vill Foussgänger an der Stad ënnerwee an d'Leit si maskéiert. Dat sinn ideal Viraussetzunge fir Iwwerfäll.

An deem Kontext wollte mir dem Här Minister dës Froe stellen.

1. Wéi vill Strofdoten - a ganz besonnesch Iwwerfäll - sinn der Police um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg gemellt ginn an de Méint November an Dezember 2020?

2. Ass eng Zounam vu Strofdoten an Iwwerfäll - am besonneschen an de Méint November an Dezember 2020 - fest ze stellen am Verglach zu de leschte Joren?

3. Huet den Här Minister Informatiounen, déi drop hindeiten, datt an deem Kontext d'Policeaarbecht duerch de Fakt, datt d'Leit maskéiert sinn, méi schwéier duerch ze féieren ass, ewéi soss?

4. Op der anerer Säit gouf vun der Regierung eng Ausgangsspär decidéiert, déi all Owend um néng, respektiv, um eelef Auer a Kraaft trëtt. Huet dëst zu engem Ofhuele vu Strofdoten an der Nuecht gefouert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**REÇU**
*Par Alff Christian , 16:05, 02/02/2021*

Luxembourg, le - 2 -02- 2021

**Objet : Question parlementaire n°3419 du 12 janvier 2021 de Messieurs les Députés Fernand Kartheiser et Fred Keup concernant la délinquance**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3419 vum 12. Januar 2021 vun den honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser an Fred Keup iwwert « Strofdoten »**

**Tableau zu de Froen Ad 1) / Ad 2) / Ad3) Ad 4):**

| Gemeng Lëtzebuerg Méint Nov. – Dez. | 2018 | | 2019 | | 2020 | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Total | 23.00 – 06.00 | Total | 23.00 – 06.00 | Total | 23.00 – 06.00 |
| Strofdoten | 1698 | 383 | 1890 | 391 | 1914 | 275 |
| Iwwerfäll | 38 | 15 | 32 | 9 | 42 | 3 |

**Ad 1) an Ad 2):**

Aus dem Tableau erkennt een den Trend vun de Strofdoten um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg an de Joren 2018 bis 2020 jeweils fir d'Méint November an Dezember. D'Hausse vun de Strofdoten insgesamt erklläert sech ënnert Anerem duerch eng däitlech Zounam bei den Drogendelikter. Dëst ass bedéngt duerch de Fait, dass d'Police säit Enn 2018 um Terrain vun der Stad Lëtzebuerg vill méi intensiv an deem Beräich aktiv ass.

**Ad 3):**

De Fait dass d'Leit Masken droen, huet de selwechten Afloss op d'Policeaarbecht, wei d'Droe vu Mutzen, Schaler a Kaputze wärend de Wanterméint a kann deemno als négligeable bezeechent ginn.

**Ad 4):**

Wéi aus dem Tableau ersiichtlech, erkennt een en däitlechen Trend no ënnen bei de Strofdoten insgesamt an och bei den Iwwerfäll, wann een d'Ausgangsspär mat dem selwechten Zäitraum déi viregt Joren vergläicht.